

■ M. Gusty Graas (DP).- Glift? **(Interruption)**

Jo. Wéi vill hunn ech der dann?

■ M. le Président.- Siwen an eng hallef.

■ M. Gusty Graas (DP).- Bon, ech entschëllege mech, mä dat ass ebe well keng Auer méi hei ass, et gesäit een also net...

(Interruptions diverses)

Neen, ech verstinn dat och. Ech respektéieren dann och d'Regele vum Haus hei.

■ M. le Président.- Wann ech gelift, Här Graas. Ech hunn och keng Auer, soss hätt ech lech meng ginn.

■ M. Gusty Graas (DP).- Mä ech wär frou wa mer awer vläicht erëm eng Auer hei hinner kréichen, da weess een e bësse wou een drun ass.

Bon, wéi gesot, dann iwwerhuelen ech dee Volet spéider.

(Interruptions)

Ech wollt just kuerz drop hiweisen, dass ee sech awer soll allgemeng Gedanke maachen, inwiefern datt déi gesamt Bëschbewirtschaftung an Zukunft soll ausgesinn, an ob een net soll nodenken iwwert dat, wat och am Audit iwwert d'Forstverwaltung zrëckbehale ginn ass, wou behaapt ginn ass, et wär besser d'Forstverwaltung hätt an Zukunft nëmmen nach ee Patron, an dowéinst wollt ech hei awer ofschléissend ënnersträichen, datt mer als Demokratesch Partei och der Meenung sinn, datt ee jidde-falls déi Ausso méi wéi soll analyséieren an och bei enger spéiderer Regierungsbildung dat soll a Be-truecht zéien.

Onofhängeg dovunner, wéll ech awer hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt et wichteg ass, dass mer déi ganz Problematik zesumme mat de private Bëschbesëtzer analyséieren, an der Hoffnung datt sou séier wéi méiglech awer och nei Erkenntnisser entstinn, wéi mer dee Fléau do kënne bekämpfen.

Ech soen lech merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Merci, Här Graas. Den nächsten Orateur ass den Här Gira. Här Gira, och fir lech hunn ech keng Auer un.

■ M. Camille Gira (*DÉI GRÉNG*).- Här President, ech gi mer Méi mech kuerz ze faassen. Ech géing mengen dat meescht wär och schonn zu dësem tatsächlech komplexen a mysteriëse Phenomeen, zur Buchekomplexkrankheet, gesot.

Tatsächlech sinn d'Ursaache ganz komplex. Ech hunn nach néierens gesinn, datt een definitiv behaapt huet, e wéisst wou et géing hierkommen. Eent ass awer kloer, dass sécherlech iergendwou en allgemenge Phenomeen vu Schwächt bei de Buche fir d'éischt muss optrieden, fir dass dann duerno secondaire Schädlinge wéi Käferen a Pilzen eng Chance hunn, d'Biche sou schlecht drun ze bréngen, wéi se deelweis sinn.

Ech hunn och gelies, dass en eemolege Klimaschock deelweis kéint un der Ursaach sinn, ee wierklech eemolege Frascht, dee ganz elle war, a vläicht zu enger Zäit wou net gepasst huet.

Mysteriéis ass awer och d'Manéier, wéi de Phenomeen sech ausbreet. Wann ee mat de Fierschtere schwätzt, da kritt ee gesot dass et erstaunlech ass, dass niewent deem engen oder anerer Revéier, wat ganz staark befall ass, et méiglech ass, dass e Revéier ass, wou net ee Bam befall ass.

Dir konnt am Rapport vun der Forstverwaltung liesen, dass de Weste vum Land, ënner anerem meng Gemeng, an och d'Gemeng Habscht, relativ seriö betraff ass.

Ech hunn awer nach haut mam Fierschter vu Kärsch geschwat, deen direkt niewendrun ass, an dee seet mer: „A mengem Revéier ass net ee Bam betraff.“ Dat ass sécherlech mysteriéis, dat ass erstaunlech.

Do kann ech natierlech d'Fro stellen: Weist dat op een Zesammenhang hin, mat dem ënnerschiddleche Buedem, dee vläicht an enger anerer Géigend ass? Kann dat drop hiweisen, dass awer vläicht eng Rei Schadstoffer iwwert de Reen vu Westen erabruecht ginn, wann ee weess dass eis Géigend an dann natierlech d'ganzt Éislek awer e gudde Krack méi Ree kritt, wéi vläicht aner Regiounen am Land?

Dat si vläicht Piste wou ee kann no-gehen. Et ass natierlech komplex, mä op jidde Fall ass dat awer scho bal onerkläerlech, dass een dee Phenomeen do sou no bei eneen op e puer Kilometer kann hunn, oder deelweis souguer op e puer honnert Meter sou en ënnerschiddlechen Impakt vun där Krankheet do ka sinn.

Ech mengen dee bekannteste Bësch, wou mer wierklech fir d'éischt drop opmierksam gemaach gi sinn, dat war natierlech d'Forêt d'Anlier an der Belsch. A wann hei vu Gemengebësch geschwat gëtt, wa vu private Bëschbesëtzer geschwat gëtt, mengen ech, musse mer awer och un d'Gemengen denken. Ech weess, dass déi Krankheet do zum Beispill an de Budget vun der Gemeng Ram-merech e ganz zolitt Laach wäert schloen, a wann hei iwwer Entschiedegunge geschwat gëtt, wou mir als Gréng selbstverständlech och kee Problem hunn, datt mer doriwwer schwätzen, da wéilt ech awer och e Plädoyer hei halen, dass mer d'Gemengen net vergiesen.

Normalerweis ass déi ganz Forstwirtschaft, zumindest wann ee reng ekonomesch iwwerleet, schonn déficitaire. Ech sinn zwar der Meenung, dass se awer sënnvoll ass, forstwirtschaftlech. Mä wa mer wëssen, dass d'nächst Joer d'Gemengebudgete jo anscheinend nach vill méi mickereg ginn an dass mer de Rimm nach vill méi enk musse schnallen, da muss een awer och un déi Gemengen denken, déi zousätzlech zu deem heite Phenomeen nach e gréisstert d'Lach kréien, an da mengen ech dass mer och do drun denken an do Entschiedegunge wäerte maachen.

Ech wär dee leschten deen hei géif probéiere Léisungen ze proposéieren, grad wann een esou ee komplexe Phenomeen viru sech huet, wéi deen, iwwert dee mer schwätzen, wär et ze einfach hei mat faerdege Léisungen ze kommen. Ech hunn dat Gefill, dass een ëmmer erëm nëmmen ee Plädoyer kann hale fir dräi Richtungen.

Ee Plädoyer fir all Moosnamen, déi all Form vu Loftverschmutzung verhënnere, well een awer dat Gefill net lass gëtt, dass en direkten oder indirekte Lien besteet tëschent der Loftverschmutzung an déi doduerch geschwächte Bëscher a Beem, an dann ebe méi eng grouss Ufällgkeet, wann dann nach aner Phenomeener dobäi kommen.

Ee Plädoyer fir en „naturnoe Bësch“. Ech menge schonn, dass ee generell ka soen, wat d'Biodiversitéit an engem Bësch méi grouss ass, wat och d'Ufällgkeet vis-à-vis vu sou Phenomeene wéi deem heiten, mä och anerer, sécherlech méi kleng ass, wat awer och vläicht d'Verbreedung méi gebremst gëtt, wa mer net Monokulturen hunn, wa mer wierklech eng Mëschung hunn, wéi et scho gesot ginn ass, vun Zorten, mä och vun Alteren.

An dann och schlussendlech an ofschléissend, fir an der Zäit ze bleiwen, ee Plädoyer fir eng villfältig Notzung vun eisem Holz, wat mer hei hunn. Ech kann et ëmmer erëm

nëmme betounen a bedauern, dass mer, obwuel mer nach ëmmer en Département des Forêts sinn, eigentlech ze wéineg mat deem Rohstoffholz maachen, grad an Zäite wou et aus x Ursaachen héich Zäit géif ginn aus dem Fossilienenergiezäitalter ëmzeklammen, mengen ech, wär déi Filière, déi hei schonn ugeschwat ginn ass, fir eist Holz och als Brennholz ze huelen, an enger moderner Form, wierklech eng Pist, an da wéisste mer och wat mer mat deem doudechen Holz, wat mer elo kréien, géinge maachen.

Ech soen lech merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Merci, Här Gira. D'Regierung huet d'Wuert.

■ M. Eugène Berger, *Secrétaire d'Etat à l'Environnement*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech konnt hei bei deem Débat feststellen - an dat fannen ech och ganz gutt -, datt hei praktesch alleguerten d'Sprieche d'Wichtigkeet vum Bësch mat senge multiple Funktiounen ënnerstrach hunn, an datt och sécher hei jiddereen ee Plädoyer gemaach huet fir den Erhalt vun enge vun den Haaptsource vun der Biodiversitéit hei zu Lëtzebuerg, an och sécher op anere Plazen. Dat ass op alle Fall ze begrëssen.

Et si schonn eng ganz Rei Informatiounen an Donnéeën vun de Virsprieche geliwwert ginn, dofir kann ech elo iwwer verschidde Punkten, déi ech hei wollt kuerz erwähnen, méi schnell ewech goen. Sécher ass, datt dee Sujet och an der Forstverwaltung respektiv vun de Politiker net eréischt nei entdeckt gëtt, mä datt mer mat deem Phenomeen säit dem Joer 2000 konfrontéiert sinn, datt mer och, soubal mer do déi éischt Unzeeche festgestallt hunn, direkt agéiert hunn an iwwert de Wee vun der Forstverwaltung och direkt versicht hunn, eng Rei Mesuren ze analyséieren an de Phenomeen ze studéieren.

Et ass also esou, datt nodeems do déi éischt Fall festgestallt gi sinn, eng detailléiert Analys gemaach ginn ass, Symptomer analyséiert gi sinn, eng Bestandsopnam an Ugrëff geholl ginn ass, an datt och op där anerer Säit Kontakt opgehooll ginn ass mat deenen zoustännege Verwaltungen am Ausland, well, dat ass och scho gesot ginn, souwuel an enge Rei vu Géigende vu Lëtzebuerg, mä och an der Wallonie respektiv dem Rheinland-Pfalz, deelweis a Frankräich, ass een och mat deeneselwechte Phenomeener, mat deene selwechte Schwiereregkeete bei de Bichebëscher konfrontéiert. Et ass also net eng Problematik, déi sech eleng op Lëtzebuerg géif beschränken.

Et ass esou, datt och dann Installatiounen vun engem Réseau vu Placette haaptsächlech fir de Monitoring vun de Borkekäfer geholl gi sinn; dee Réseau, deen 2001 ugefaangen huet, ass dauernd ënner Kontroll, respektiv gëtt dauernd ausgewäert an dee leeft och nach an deenen nächste Jore virun. Et gëtt och de Moment ee Suivi gemaach vun 112 kranke Bichen, fir och do nei Erkenntnisser ze kréien, wéi déi Krankheet kann oflafen, respektiv ass och gekuckt ginn, wat eventuell de Lien kéint sinn tëschent gehaenem Holz, wat do läit, an eben dem Befall vun den nach gesunde Bichen, duerch déi verschidden Zorten Insekten, respektiv duerch de Pilz, déi jo e Symptom sinn, mä net d'Ursaach vun deem Problem.

Mä dat ass awer am Fong geholl éischter eng Erkenntnis, vun där ee kann ausgoen, datt déi geséichert ass, datt et hei virun allem mat enger Schwächt vun de Beem ze

dinn huet, déi dann eben als Resultat huet, datt se vu Champignonen, vun enger Rei vun Insekten, haaptsächlech de Borkekäfer, befall ginn.

Wéi ass den aktuelle Stand vun der Kränkt? Et ass esou, datt mer opgrond vun deenen Zielungen iwwert d'Placette gemierkt hunn, datt an de leschte Joren de Phenomeen an d'Luucht geet, dat heescht datt nach méi där Borkekäferen de leschte Wanter op alle Plaze gezielt gi sinn. Déi lescht Resultater vun der leschter Zielung leien elo nach net vir, déi schéngt llicht erof gaangen ze sinn, de Befall vun de Champignonen ass awer och nach an d'Luucht gaangen. An de leschte Jore kann ee soen, dass den Trend no uewe gaang ass. Et kann een awer nach net den definitiven Trend viraussoe fir dëst Joer, respektiv fir déi nächst Joren.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

D'Fro war opkomm, wat d'Surface vun de Bëscher wär, déi dovu be-traff sinn? Hei muss ech soen, dass mer nach keng definitiv Erkenntnisser hunn, dass d'Forstverwaltung nach amgaang ass drun ze schaffen. De Wanter wäert eng Cartographie opgestallt sinn, wou mer da kënnen dat lokal op der Kaart duerstellen, a Prozenter an op wat fir enge Plazen de Phenomeen op-trëtt.

Et ass och esou, dass mer eng Rei vun Informationsmesurë geholl hunn. Dat ass natierlech wichteg fir d'Bëschbesëtzer. Et ware ronn 8 Artikelen an den Zeitungen, déi spezifesch sech un de Milieu vun de Bëschbesëtzer richteten. Et waren och Informatiounen an der Press. Et sinn Excursiounen, respektiv Studiegäng mat Bëschbesëtzer um Terrain gewiescht. Et ass och dru geduecht fir en Internetsite opzerichten am Kader vun engem Interreg-Programm, op deen ech nach wäert zrëckkommen.

Et muss een op alle Fall wëssen, dass géint déi Kränkt, déi de Moment bei de Bichebëscher virzefannen ass op verschiddene Plazen hei zu Lëtzebuerg - et ass kee generelle Phenomeen, de leschte Riedner huet dat nach eng Kéier ervirgestrach -, et kee Wonnermëttel gëtt. Sécher kann ee mat deem engem oder deem anere Procédé probéieren. Et ass geschwat gi vu Kallek, vu Magnesia austreëen an esou weider, mä souwäit awer de Kenntnisstand vun den Expären ass, gëtt et kee Mëttel wat wierklech ka garantéieren, dass domat all Problemer geléist sinn.

Wat fir eng Mesuren - ech hunn der elo schonn eng Rei opgezielt - hu mer geholl? Wat fir eng si mer nach amgaangen ze huelen? Wat fir eng wäerten nach kommen? Et ass esou, dass mer festgestallt hunn, dass ganz selten an engem Bichebësch méi wéi 30% Beem matenee befall sinn. Et ass éischter esou, dass oft eenzel Beem befall sinn an net de ganze Bësch. Et gëtt also keng Coupe rase gemaach. Déi eenzel Beem kënnen gehae ginn. Et ass awer och esou, dass deelweis déi befalle Beem stoe gelooss ginn. Do ass et natierlech wichteg, well déi bannendra lues a lues morsch ginn, kënne se ëmfalen. Op enger Rei vu Plaze si Panneauen opgestallt ginn, fir dass d'Leit, déi an de Bësch ginn, wëssen, dass do e Problem ka sinn. Et sinn also Hiweiser op d'Sécuritéit ginn.

Et ass awer esou, dass mer och en Interreg-Programm an d'Weeër geleet hunn, de sougenannten Interreg IIIA De-Lux. Deen ass am Fréijoer 2002 ugefrot ginn. Ech soen lech den Numm vum Projet, well en zesumme mat den Däitsche gemaach gëtt: „Entwicklung von Strategien zur Sicherung von Buchenwäldern in der Programmregion De-Lux.“ Dee Programm ass ugefrot an och scho mëndlech accordéiert. Déi éischt Aarbechten hu schonn ugefaangen. Et ass och een Deel vun de Mesuren an deem Kader. Dee Projet soll véier Joer daueren. Et ass eng Enveloppe vu

ronn 1.017.000 Euro virgesinn. De Lëtzebuergeschen Deel wäere 404.700 Euro genau. Do ginn dann awer 50% vun der europäescher Kommissioun iwwerholl.

Wat ass den Objet vun deem Programm? Op där enger Säit de Monitoring nach ze verbessern, op där anerer Säit sollen awer och Strategien entwéckelt gi mat Expären aus dem Ausland, fir ze kucke fir de Risiko oder d'Krankheet anzedämmen, a kucke wat fir eng preventiv Méiglechkeeten een huet. Da soll och gekuckt ginn, wéi ee soll d'Gestioun vun deene befalene Bestänn maachen, respektiv ass awer och ee Punkt an deem Interreg-Programm fir de Maart vun Bichenholz ze analyséieren an och ze kucken nei Strategien ze fanne fir den Ofsaz vum Bichenholz. Et ass also eppes wat herno eng praktesch Exécutioun huet.

Et ass och déi eng oder aner Kéier hei gefrot ginn, wéi et eventuell wier mat Entschiedegungen. Hei wéll ech drop verweisen, dass et e Règlement grand-ducal gëtt vum Oktober 1995, dat vum Landwirtschaftsministère géréiert gëtt, wou ee ka bei natierleche Katastrophen, wann duerno erëm opgeforst gëtt, en duebelen Tarif vu Subsidie kréien. Et musse minimum 50 Ar sinn, déi opgeforst ginn. Ech hu vir-dru scho gesot, dass keng Coupe rase gemaach gëtt. Et ass also och net esou, dass doduerjer géing integral opgeforst ginn. Ech leeden dovun of, dass dat Règlement vun 1995 vum Landwirtschaftsministère net direkt ka spillen.

Et ass esou, dass ee sech kéint virstellen, dass iwwert den Environnement zum Beispill eng Rei Parzellen, eng Rei Bëscher déi méi staark betraff wieren, géingen opkaaft ginn, fir se dann awer als Parzell Naturbësch ze géréieren. Dat wier eng Pist. Aner Méiglechkeete sinn och schonn erwähnt ginn, Projeten zum Beispill fir Holzhackschnitzel-feuerungsanlagen, och dass d'Ressource Holz géif nach méi verwäert gi fir erneierbar Energietechnologien ze fiddere, an dass een do also och en Ofsaz hätt.

Dat gesot, wéilt ech ofschléissend dat widderhuele wat vun enger Rei Virsprieche scho gesot ginn ass, dass d'Forstverwaltung eng ganz gutt Aarbecht mécht, dass se hei och weist, dass se eng kompetent Verwaltung ass. Heiansdo liesen ech mol oder kréie gesot, si wären net à même, och wëssenschaftlech, e Suivi ze maache vu Projeten oder déi ze géréieren. Hei hu se wierklech bewisen, dass se do à même sinn. Ech wéilt vun deser Plaz aus de Leit vun der Forstverwaltung e grouse Merci ausschwätzen. Och konnt ech um Terrain - si hu mech e puermol matgeholl, fir mer déi Saach ze weisen - gesinn, dass se wierklech ganz vill vun där Saach verstinn an déi och richtig ugin.

Ofschléissend, Här President, wéilt ech lech nach en Dokument aushändegen, wat och vun der Forstverwaltung erstallt ginn ass, wou een nach eng Kéier all d'Informatiounen féinnt. Wann nei Dokumenter erauskommen, da si mer natierlech gäre bereet fir déi all Deputéierten zur Verfügung ze stellen.

Ech soen lech merci.

■ M. le Président.- Domadder wier dese Punkt ofgeschloss a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4976, eng Konventioun mat Ungarn a mat Malta iwwert d'Zesummenaarbecht um Gebitt vum Tourismus. Et si schonn age-droen: déi Häre Wiseler, Scheuer an Urbany. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Emile Calmes.

4. 4976 - Projet de loi portant approbation

- de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxem-

bourg et le Gouvernement de la République de Hongrie sur la coopération dans le domaine du tourisme, signée à Budapest, le 3 novembre 1995

- de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de Malte sur la coopération dans le domaine du tourisme, signé à la Valette, le 16 octobre 1992

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

■ M. Emile Calmes (*DP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, mat dësem Gesetz gëtt zu engem Deel eng Konventioun zwëschent Lëtzebuerg an Ungarn ëmgësat aus dem Joer 1995 an op där anerer Säit en Ofkommes tëschent Lëtzebuerg a Malta aus dem Joer 1992.

An dëse Pabeieren ënnersträichen déi zwou Regierungen d'Bedeltung vum Tourismus a wëllen déi frëndschafleech Bezéiungen zwëschent de Länner op der Basis vu Gläichheet a géigesältegem Notzen erweideren. Dofir gëtt der touristescher Entwécklung besonnesch Opmierksamkeet geschenkt, fir esou de Leit aus dëse Länner Kultur a Geschicht méi no ze bréngen. Virun allem sollen déi Accorden dozou dënge fir d'Reesbestëmmungen ze vereinfachen, fir de Kollektivtourismus grad esou wéi den Individualtourismus ze fördern, virun allem am kulturelle Beräich wéi awer och am Kongress- a Sporttourismus.

Déi Accordé gesinn dann och vir, datt Informatiouns- an Dokumentationsmaterial ausgetosch gëtt. Si gesi weider vir, datt solle Studiëreesen ënnerholl ginn en vue vun enger besserer Zesummenaarbecht um Niveau vun der Erzéiung an der Berufsausbildung. Virun allem solle si dann och d'Zesummenaarbecht zwëschent deene verschiddenen Touristenorganisationen, ONTen, am Prinzip fördern.

D'Konventioun ass gemaach fir fënnf Joer a kann all fënnf Joer verlängert ginn, wa se net sechs Méint virdru gekënnegt ginn ass. De Conseil d'Etat liest an dëser Konventioun an an dësem Ofkommes näischt Konkretes dran. Wann een d'Reesbroschüren awer liest, och vun de Lëtzeburger Reesagencen, da mierkt een awer, datt an der Zwëschenzäit Malta e beléift Reeszil och vun de Lëtzeburger ginn ass. A wann een nach méi genau kuckt, da mierkt een, datt och Ungarn versicht op dee Maart eranzekommen.

Dat ass alles, wat zu dësem Projet hei ze soen ass. Ech wollt lech nach just invitéieren deem Projet Är Zoustëmmung ze ginn a wollt dann och d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen.

Merci.

■ M. le Président.- Den Här Scheuer huet d'Wuert.

■ Une voix.- An Ungarn ass et meeschtens waarm.

■ Une autre voix.- An op Malta och.

Discussion générale

■ M. Jos Scheuer (*LSAP*).- Här President, Dir Damen an Dir Hären, näischt verhënnert et, an et soll och keen Zweifel drun opkommen, d'sozialistesche Fraktioun wäert dëse Projet stëmmen.

Et ass ee Projet, dee sech areit an eng Serie vun anere Konventiounen, déi mer och mat anere Länner ofgeschloss hunn. Et ass ee vun

deene villen noutwennegen Accorden, déi mat anere Länner ofgeschloss ginn, fir einfach d'Zesummenaarbecht ze erlichteren.

A wann ech dann den Inhalt kucken, dozou gëtt et e Schlësselsaz, deen am Rapport vum honorabelen Här Calmes steet. De Schlësselsaz, dee faasst déi zwee Projeten zesummen. Den Här Calmes seet, a wéi Recht huet hien: «Dans cet ordre d'idées la convention et l'accord visés ont pour but de faire bénéficier les touristes visitant le Grand-Duché du Luxembourg, la République de Hongrie et la République de Malte d'un agréable séjour.» Dat war et. Méi ass net dozou ze soen.

Ech bréngen den Accord vun der Fraktioun.

■ M. le Président.- Den Här Claude Wiseler huet d'Wuert.

■ M. Claude Wiseler (*CSV*).- Dat war a sech just eenzeg an eleng fir dem Rapporteur merci ze soen, fir déi Aarbecht déi e gemaach huet, a fir mat deemselwechte Saz den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet ze bréngen.

Merci.

■ M. le Président.- Freet nach een d'Wuert?

Et ass kee méi do. Sou, da kritt d'Wuert den Tourismusminister, den Här Fernand Boden, oder den Här Statssekretär Berger.

(Interruptions)

■ M. Fernand Boden, *Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement*.- Här President, ech stelle mat grousser Satisfactioun fest, datt d'Chamber eestëmmeg dëse Projet de loi stëmmen wëllt, an ech géif dann och, wéi elo gesot ginn ass, allen Touristen, déi op Lëtzebuerg, Malta oder an Ungarn ginn, e schéine Séjour wënschen, an datt se vun dësem Projet de loi kënne profitéieren.

■ M. le Président.- D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Damen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert de Projet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 54 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Franck, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferry Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Jeannot Belling), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Ripinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry (par M. Georges Wohlfart), Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Ben Fayot, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Jean Colombero), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch (par Mme Renée Wagener), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

Gëtt d'Chamber d'Dispens zum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5057, e Stabilisatiounsofkommes tëschent der Europäescher Unioun a Mazedonien. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Wiseler, Fayot an Urbany. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Emile Calmes.

5. 5057 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs Etats membres, d'une part, et l'ancienne République yougoslave de Macédoine, d'autre part, et de l'Acte final y afférent et de l'échange de lettres remplaçant la signature de l'Accord, signé à Luxembourg, le 9 avril 2001

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes et de la Défense

■ M. Emile Calmes (*DP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, bei deem Gesetz hei geet et ëm een Associatiouns- a Stabilisatiounssaccord tëschent den Europäesche Communautéiten op där enger Säit an hire Memberstaten an dann awer och mat Mazedonien. Mazedonien, dat an deem Rapport hei als ARYM beschriwwen gëtt, dat wëllt soen: Ancienne République Yougoslave de Macédoine. Dat huet domat ze dinn, datt déi sech net anescht dierfen nennen opgrond vun engem Sträit, dee vu jeehier besteet tëschent Griichenland an deem Land hei, wéinst deem Numm Mazedonien, dee vu béide Länner beusprocht gëtt.

Deen Accord ass den 9. Abrëll 2001 hei zu Lëtzebuerg ënnerschriwwen ginn an et ass deen éischten Accord am Kader vun engem Associatiouns- a Stabilisatiounsprozess tëschent den Europäesche Communautéiten an de Länner aus Süd-Ost-Europa, zu deenen niewent Mazedonien och nach Albanien, Bosnien-Herzegowina, Kroatien a Serbien-Montenegro gehéieren. Déi Accordé missen also nokommen. Dee mat Kroatien wäerte mer deemnächst an eiser Kommissioun hunn.

(Coups de cloche de la Présidence)

Déi Accorden hei berouen op eng Laangzäitperspektiv an hunn u sech zum But fir all déi Länner, eng Adhësioun an d'Europäesche Unioun. Ech brauch net drun ze erënnere, datt déi Accorden hei um Hannergrond vun enger ganz schwéierer politescher Situatioun vun dësem Land ënnerschriwwen gi sinn. Ech mengen, mir kënnen eis nach erënnere wéi am Februar 2001 tëschent de mazedoneschen Nationalisten an den Albaner et zu engem relativ groussen Sträit no un der Grenz vum Kosovo komm ass, dee glécklecherweis awer op Interventioun vun der NATO am Juli 2001 zu engem Waffestëllstand komm ass. Den 13. August vum selwechte Joer konnt dann och een Accord tëschent deene verschiddene Gruppe fonnt ginn.

De Problem berout op de Minoritéitsproblemer an deem Land. Et

muss een nämlech wëssen, datt d'Minoritéiten a Mazedonien 34% vun der Populatioun ausmaachen, vun deenen 23% Albaner sinn an 11% Türken, Romaën, Walachen an och Serben. Et muss een awer soen, datt d'Regierung a Mazedonien, déi aus deene Wahlen no deene Konflikter do ervirgaangen ass, hir Verfassung an deem Sënn geännert huet, datt all déi Minoritéiten déi gläich Rechter hunn. D'albanesch Sprooch ass esouguer offiziell Sprooch ginn, an deene Regiounen wou méi wéi 20% wunnen. D'Reliounsfräiheet ass dann och ganz agefouert ginn an déi Minoritéiten hu ganz grouss Rechter um Niveau vun der Kultur, vun der Sprooch a vun der Educatioun kritt.

Dat Land huet am Prinzip och gutt Relatiounen mat sengen Noperen. Wéi gesot, historiesch bedéngt sinn dës Relatiounen awer relativ komplex, virun allem mat Griichenland a selbstverständlech dann och mat Albanien. Et ass awer esou, datt dat Land och zënter 1995 am Conseil de l'Europe ass.

Net nëmmen déi politesch Situatioun ass schwéier fir dat Land, mä och déi wirtschaftlech. Mazedonien war fréier Undeel vun der jugoslawescher Republik, a wéi mer all wëssen, war et do net déck mat der fräier Maartwirtschaft, a wéi dat Land sech op seng eege Bee gestallt huet, hat et et net einfach an de Produit intérieur brut ass an Zäit vun enger halwer Dosé Joren ëm 40% zrëckgaangen. Mä et war däärs net genuch. Mat der Kris am Kosovo, wéi och mat de Sanctiounen vis-à-vis vu Jugoslawien an de politeschen Evénementer vun 2001, huet et nach emol béis Réckschléi erlieft. Déi traditionell industriell Secteure si selbstverständlech d'Industrie awer och d'Extraktioun vu Mineralen a virun allem och d'Landwirtschaft, mat ongeféier 20% Populatioun, mécht ongeféier 20% dovun aus. Trotzdeem huet dat Land et fäerdeg bruecht an de leschte Joren eng Partie strukturell Reformen ze maachen.

Ëm wat geet et hei an deem Accord? Den éischte Punkt am Accord gesäit vir, datt Mazedonien e potenzielle Kandidat ass fir eng Adhësioun an d'Europäesche Unioun. Dat ass decidéiert ginn um Europäesche Conseil vu Köln am Juni 1999 an et ass och nach eemol zu Feira bestätegt ginn. D'Objektiver vun dësem Accord si relativ kllassesch. Am Prinzip solle se de Kader liwwere fir e politeschen Dialog ze féieren. Si sollen och déi verschidde Législatiounen tëschent där vu Mazedonien an och de Communautéite méi no bréngen. Et schéngt awer och der Europäescher Gemeinschaft wichteg ze sinn, datt dat Land eng effikass regional Kooperatioun bedreift. Deen Accord gëtt op zéng Joer festgeluecht, wou no véier Joer déi zweet Phas festgeluecht gëtt. Et sinn also zwou Phasen, an déi éischt Phas leet dann och d'Wichtegkeet op déi regional Kooperatiounen.

Wat elo den Handelsberäich ugeet, muss ee soen, datt d'Europäesche Gemeinschaft deem Land relativ grouss Faveuren entgéint bréngt, an deem Sënn datt all Douanesteueren opgehuewen ginn an och quantitativ Restriktiounen fir den Import, net zulescht doduerch datt Mazedonien 47% aus der Unioun importéiert an och 55% an d'Unioun eraus exportéiert.

Voilà, deen Accord hei gëtt natierlech och begleet vun enger Partie aner Mesuren. Esou sinn dann eng Partie Conseilen, Comitéen an och eng parlamentaresche Kommissioun agesat gi fir deen ze iwwerwachen. Virun allem spillen d'Finanzen awer eng Roll, an hei ass e Programm an d'Liewe geruff ginn. Dat ass de Programm CARDS (Community Assistance for Reconstruction, Development and Stabilisation).

Dës Gelder gi géréiert vun der Agence Européenne pour la Re-

construction. Déi finanziell Enveloppe vun 2002 bis 2004 mécht ëmmerhin 110 Milliounen Euro aus. D'lescht Joer si 26 Milliounen débourséiert ginn an dëst Joer ginn ongeféier 40 Milliounen débourséiert. Alles in allem sinn an deene leschten zéng Joer vun der Europäescher Unioun 614 Milliounen Euro an dat Land débourséiert ginn. Et muss een och soen, datt dat Land och nach militäresch gesinn op d'Hëllef vun der Europäescher Unioun ugewisen ass. No deem d'NATO de 15. Februar vun dësem Joer mat hirer Friddensiwwerwaachungsmissioun opgehale huet, huet d'Europäesche Unioun dës Missioun iwwerholl a Lëtzebuerg huet och do seng Leit derbäi. Dat hu mer viru kuerzem am Kader vun engem Reglement an der Kommissioun vun den Affaires étrangères diskutéiert.

Voilà, dat wär alles gesot.

D'Wichtigkeet vun deenen Accorden hei - dat heiten ass elo deen éischten, déi aner wäerten nokommen - interesséiert eis. Déi Länner hei leien op den Diere vun der Europäescher Unioun an et kann eis ganz sécher net egal si wat do geschitt. An deem Sënn géif ech lech dann och invitéieren dësem Gesetz Ären Accord ze ginn an ech bréngen och den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Claude Wiseler agedroen.

Discussion générale

■ M. Claude Wiseler (*CSV*).- Merci, Här President. Ech wëll just ganz kuerz dem Rapporteur merci soe fir säin excellente Rapport. Hien huet am Detail schonn erkläert wat alles an deem Accord do dra steet, esou dass ech net nach eng Kéier wëll op d'Detailer vun deem Projet agoen.

Ech wëll awer ee Wuert oder zwee ganz kuerz Wieder dozou soen. Et ass op där enger Säit sécherlech e ganz technesche Projet, mä op där anerer Säit, och wann et e ganz technesche Projet ass, deen hei riskéiert an d'Annalë vun der Chamber ënnert ferner liefern anzegoen, muss ech awer soen, datt et e Projet ass, dee politesch net onwichtig ass.

Et ass en Accord, deen a sech als Zilsetzung huet Mazedonien Stabilitéit ze garantéieren an ze hëllefe Stabilitéit an dat Land ze bréngen, engem Land wat et an deene leschte Joren, an deem leschte Jorzéngt sécherlech, souwuel ekonomesch wéi politesch, guer net einfach hat a wou et enorm wichteg ass, dass eben d'Communautéit, dass eben Europa do probéiert e Rapprochement ze maachen a mat deem Rapprochement och Stabilitéit mat eran ze kréien.

Déi Rei Leit, déi geschter dobäi ware wéi mer den Ausseminister vu Serbien-Montenegro empfaangen hunn, hunn an deenen Diskussiounen gesi kënne wéi wichteg fir déi Länner de Rapprochement mat Europa ass a wéi wichteg déi Perspektiv vun Europa fir déi Länner ass, wéi vill Hoffnung Europa deene Länner als Noper bréngt, souwuel politesch wéi ekonomesch.

Duerfir, mengen ech, dass dësen Text éischstens fir Mazedonien e wichtege Schrëtt ass, well e méi u Stabilitéit bréngen kann, an duerfir ass e sécherlech och fir Europa e wichtege Schrëtt, an dee Moment ass e sécherlech och fir eis keen onwesentleche Schrëtt. Ech ginn duerfir selbstverständlech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Text.

Merci.

■ Plusieurs voix.- Très bien.

■ M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.